World Theatre Day

International Theatre Institute ITI - World Organization for the Performing Arts

THEATER FEDERATIOUN

# Message fir de WELTTHEATERDAG 2024

## vum Jon Fosse, Norwegen

# Konscht ass Fridden

All Mënsch ass fir sech eenzegaarteg, an dach ass en d'selwecht wéi all anere Mënsch. Eis visibel Äusserlechkeet ass anescht wéi bei all anere Mënsch an dat ass och gutt esou, an dach hu mir an eis alleguer eppes dran, wat nëmmen där eegener Persoun gehéiert – déi Persoun selwer. Mir kéinten et Séil nennen, oder Geescht – ma mir brauchen em och net onbedéngt een Numm ze ginn, loosse mer et einfach, wou et ass.

Mir sinn zwar verschidden, ma och d'selwecht. Mënschen aus allen Deeler vun der Welt si sech am Weesentleche gläich, onofhängeg vun eiser Sprooch, eiser Hautfaarf, eiser Hoerfaarf.

Et ass villäicht e Paradox, datt mir souwuel gläich wéi och verschidde sinn. A villäicht ass de Mënsch vun Natur aus paradox, wat d'Verbindung tëscht Kierper a Séil betrëfft – mir si souwuel déi äerdgebonnenst, gräifbaarsten Existenz, wéi och eppes, wat genee iwwert des materiell Bindungen an äerdgebonne Grenzen erausgeet.

Der Konscht awer, gudder Konscht, geléngt et op eng wonnerbar Manéier, dat ganz a guer Eenzegaartegt an dat Universellt mateneen ze vereenen, jo, si ka bewierken, datt dat Eenzegaartegt, et kann een och soen, dat Friemt, universell verstane gëtt.

Si sprengt op hir Manéier d' Grenzen tëscht Sproochen, Länner, Äerddeeler. Sou gesinn, féiert si net nëmmen dat zesummen, wat Mënschen individuell präägt an ausmécht, mee och, an enger anerer Bedeitung, wat Gruppe vu Mënsche präägt an ausmécht, zum Beispill Natiounen.

An dat geléngt der Konscht eben net doduerch, datt se alles gläichmécht, mee am Géigendeel, andeems se dat weist, wat ongläich ass, wat friem ass, wat een net ganz verstoe kann an dach am selwechte Moment op eng gewëss Aart a Weis versteet.
Et bleift eppes Mysteriéises, eppes wat eis faszinéiert, iwwert eis Limitten eraus a soumat déi Transzendenz kreéiert, déi all Konscht muss a sech selwer droen an eis awer och am gläiche Moment genee dohinner féiert.

Eng besser Aart a Weis fir Géigesätz ze vereenen, kann ech mir net virstellen. Dat ass de geneeë Géigendeel vum gewaltsame Konflikt, dee mer vill ze dacks op dëser Welt gesinn, dee mat den neisten a onmënschlechsten Technologië versicht, dat Friemt, dat eenzegaartegt Anert, komplett ze zerstéieren. Dat ass Terror. Dat ass Krich.

Well de Mënsch huet och eng animalesch Säit, déi duerch säin Instinkt gedriwwe gëtt an déi dat Friemt net als Faszinéierendes erlieft, mee als Menace fir déi eegen Existenz. An da verschwënnt dat Eenzegaartegt, dat Anert, a wat bleift ass eng kollektiv Gläichheet an där alles wat friem oder anescht ass, eng Menace duerstellt an zerstéiert muss ginn. Wat vu bausse wéi eng Differenz ugesi gëtt, beispillsweis tëscht Reliounen oder politeschen Ideologien, gëtt bekämpft an zerstéiert.

De Krich ass de Kampf géint dat Bannescht vum Mënsch, géint dat Eenzegaartegt. An et ass och de Kampf géint Konscht, géint dat Bannescht vun all Konscht.

Ech hu mech dofir entscheet, hei allgemeng vu Konscht ze schwätzen, net speziell vum Theater, well et all gudder Konscht, an hirem Banneschten, em dat selwecht geet: dorëms, dat ganz a guer Eenzegaartegt, dat ganzt Eegent, universell ginn ze loossen. Si vereent an hirem kënschtlereschen Ausdrock dat Eenzegaartegt an dat Universellt. Net andeems se Eegenaarten ewechhëlt, ma andeems si se ervirhieft, andeems si dat Friemt däitlech siichtbar mécht.

Et ass ganz einfach: Krich a Konscht si Géigesätz, sou wéi Krich a Fridde Géigesätz sinn. Konscht ass Fridden.

Jon Fosse

- Aus dem Norwegeschen (Nynorsk) vum Sascha Dahm -

THEATER FEDERATIOUN - Fédération luxembourgeoise des arts de la scène (FLAS) a.s.b.l.
Bureaux: 12, rue du Puits (Banannefabrik), L-2355 Luxembourg
Tel: (+352) 2648 0946 | info@theater.lu | www.theater.lu